A2

Schwätzt Dir Lëtzebuergesch?

# *Zousazmaterial*

# Kapitel 6

# Kapitel 6 Säit 92, Übung 4

*Liest d'Presentatioun vum jonke Mann an den Annoncen. Kräizt un.*

Ech si Student an ech sichen eng Wunneng an der Stad, well ech um Lampertsbierg op d'Uni ginn. Ech kommen aus enger grousser Famill a géing ganz gär mat anere Leit zesumme wunnen, fir datt ech net esou eleng sinn. Ech bréngen och mäin Hond mat, de Muffin. Mäi Budget ass net immens grouss, mä ech kann awer bis zu 700 Euro de Mount fir de Loyer ausginn. Ech weess, d'Wunnengssich ass net einfach, mä ech si voller Hoffnung, datt ech dat Richtegt fannen.

Zëmmer zu Eech
ze verlounen

14m², klenge Balcon
Hausdéiere sinn net erlaabt
Loyer: 700€

***Siche Matbewunner fir eng WG zu zwee.***

Grousst Zëmmer (18m²)
mat Bléck op eng Spillplaz

Dikrech

Loyer: 450€

**Zëmmer an enger WG ze verlounen**

Bouneweg,
vis-à-vis vun der Schwämm

2. Stack, gemeinsam Kichen a gemeinsaamt Buedzëmmer

15m² Privatsphär

Loyer: 650€

# Kapitel 6


## Säit 96, Übung 12


*Kuckt d'Biller a liest d'Verben an d'Prepositiounen an der Këscht. Schreift bei all Bild e Saz.*

stellen, stoen, setzen, sëtzen, leeën, leien, hänken
iwwert, op, an, tëschent, ënnert, un, niewent, virun

1


2



3



4


5



6



7


8


9


10


11


12


# Kapitel 6 Säit 96, Übung 12

*Liest d'Texter. D'Verbe vun der Positioun si falsch. Sträicht dës Verben duerch a schreift déi richteg Verben nieft den Text.*

Ech huelen all Dag de Bus. Dat ass flott. Ech ~~leien~~ am léifsten hannen an der Këscht, vun do aus gesinn ech de ganze Bus. Normalerweis sinn d'Sëtzplazen all besat a vill Leit hänken an hale sech un. Ganz vir steet de Buschauffer.

sëtzen

Fir ze schlofe stinn ech am Bett. Moies leien ech um Kaffisdësch, mäin Hond hänkt nieft mir um Buedem.

Et huet geschellt. Ech gi kucken. Virun der Dier läit mäi Frënd. Säi Meedchen ass och do, hatt steet um Vëlo.

*Liest d'Texter. D'Verbe vum Deplacement si falsch. Sträicht dës Verben duerch a schreift déi richteg Verben nieft den Text.*

D'Diere vum Kino ginn op. D'Leit ginn eran a leeë sech op d'Still. Si hänken de Popcorn nieft sech a setzen hir Jacketten op de Stull.

Mir klammen an den Zuch. Mir stellen eis op eis reservéiert Plazen. Mir hänken eis Wallis an de Porte-bagage a setzen den Handy op d'Tablett virun eis.

Am Restaurant stellt de Garçon eis Mäntel un d'Mantelbriet. Hie weist eis den Dësch a mir leeën eis. D'Serveuse hänkt den Aperitif op den Dësch a setzt e Bréitchen op den Teller.

# Kapitel 6 Säit 96, Übung 12

*Kuckt déi zwee Biller. Notéiert op d'mannst 5 Ënnerscheeder a vergläicht mat Ärem Noper.*

1



2



# Kapitel 6 Säit 96, Übung 12

## *Wiesselspill*

## Kopie A

*Wou sinn d'Saache verstoppt? Är Informatioune sinn net komplett. Kuckt d'Beispill a schwätzt zu zwee.*

D'Buch ass .................... .................... verstoppt.

D'Sue sinn ënnert der Matrass verstoppt.

De Kaddo ass .................... .................... verstoppt.

De Wäin ass am Kicheschaf verstoppt.

Den Telefon ass .................... .................... verstoppt.

De Pass ass am Safe verstoppt.

D'Blumme sinn .................... .................... verstoppt.

D'Zeitunge sinn hannert der Dier verstoppt.

D'Dokumenter sinn .................... .................... verstoppt.

De Schlëssel ass iwwert der Luucht verstoppt.

De Vëlo ass .................... .................... verstoppt.

D'Visaskaart ass ënnert dem Frigo verstoppt.

Beispill:
A: Wou ass d'Buch verstoppt?
*B: Ënnert dem Bett. Wou sinn d'Sue verstoppt?*
A: Am …

*Verstoppt eppes op sechs Plazen am Haus. Maacht e Kräiz op déi Plazen um Bild. Schafft zu zwee. Dir musst roden, wou Äre Partner Kräizer gemaach huet. Äre Partner muss roden, wou Dir Kräizer gemaach hutt.*

*Beispill:*

*B: Hues du eppes an der Kiche verstoppt?*
A: Jo.
*B: Am Frigo?*
A: Nee.
*B: Ënnert dem ... ?*

# Kapitel 6 Säit 96, Übung 12

## *Wiesselspill*
## Kopie B

*Wou sinn d'Saache verstoppt? Är Informatioune sinn net komplett. Kuckt d'Beispill a schwätzt zu zwee.*

D'Buch ass ënnert dem Bett verstoppt.

D'Sue sinn .................... .................... verstoppt.

De Kaddo ass am Bakuewe verstoppt.

De Wäin ass .................... ....................verstoppt.

Den Telefon ass um Regal verstoppt.

De Pass ass .................... ....................verstoppt.

D'Blumme sinn hannert der Riddo verstoppt.

D'Zeitunge sinn .................... .................... verstoppt.

D'Dokumenter sinn hannert dem Bild verstoppt.

De Schlëssel ass .................... ....................verstoppt.

De Vëlo ass am Gaardenhaische verstoppt.

D'Visaskaart ass .................... .................... verstoppt.

Beispill:
A: Wou ass d'Buch verstoppt?
*B: Ënnert dem Bett. Wou sinn d'Sue verstoppt?*
A: Am …

*Verstoppt eppes op sechs Plazen am Haus. Maacht e Kräiz op déi Plazen um Bild. Schafft zu zwee. Dir musst roden, wou Äre Partner Kräizer gemaach huet. Äre Partner muss roden, wou Dir Kräizer gemaach hutt.*


*Beispill:*

*B: Hues du eppes an der Kiche verstoppt?*
A: Jo.
*B: Am Frigo?*
A: Nee.
*B: Ënnert dem ... ?*

# Kapitel 6

Säit 96, Übung 12

## *Wiesselspill:*
## Illustratioun



# Kapitel 6 Säit 99, Übung 6

*Wat fir Reegelen hutt Dir doheem / op der Aarbecht? Notéiert e puer Beispiller a kommentéiert zu zwee.*

Beispill:

A. Doheem musse mir d'Schong ausdoen. A wéi ass et bei iech?

*B. Mir däerfen d'Schong unhalen, mä mir däerfe beim Iessen zum Beispill keen Handy hunn.*

A. Dat fannen ech gutt. …

oder:

A: Op der Aarbecht däerfe mir net um Internet surfen.

*B: Mir däerfen um Internet surfen, mä verschidde Sitte si gespaart.*

*Maacht eng Lëscht mat Reegele fir Är Klass. Sicht Beispiller zu zwee. Presentéiert Är Reegelen an der Klass.*

An der Klass däerfe mir …

Mir mussen …

Mir däerfen net …

# Kapitel 6

## Säit 101, Übung 6

*Formuléiert d'Uerdere fir d'DU-Form.*

*Beispill:*

Kommt an de Büro!

*Komm an de Büro!*

1. Sidd mat Zäit um Rendez-vous!
2. Gitt déi éischt Strooss riets!
3. Maacht mol eng kleng Paus!
4. Gitt mir Är Adress an Telefonsnummer!
5. Verstitt mech net falsch!
6. Huelt de Bus fir op d'Aarbecht!
7. Stitt net sou spéit op!
8. Waart op mech!

*Liest d'Sätz. Maacht direkt Uerdere wéi am Beispill (formell an informell).*

Beispill

De Proff seet, de Schüler soll méi pünktlech sinn.

*Sidd méi pünktlech! Sief méi pünktlech!*

De Proff seet, de Schüler soll:

1. den Handy ausmaachen
2. d'Presenzlëscht ënnerschreiwen
3. ganz Sätz maachen
4. e Bild beschreiwen
5. dem Noper Froe stellen
6. him seng Aufgabe ginn
7. opstoen an un d'Tafel goen
8. endlech d'Reegele verstoen

# Kapitel 6 Säit 101, Übung 6

## *Variant 1*

*Kuckt d'Illustratioun. Liest d'Sätz. Wat fir en Uerder ass fir wien? Schreift d'Zuel an d'Bild.*

1. Leet d'Kaarten ewech!
2. Hal op mat iessen!
3. Maach den Handy aus!
4. Huel d'Féiss vum Dësch!
5. Benotz däi Computer, fir ze schaffen!
6. Lies de Rapport, net dat do!
7. Raum d'Classeuren!
8. Schmink dech doheem!



# Kapitel 6 Säit 101, Übung 6

## *Variant 2*

*Kuckt d'Illustratioun. Wat fir Uerdere kann de Chef den Employéë ginn? Benotzt d'Verben aus der Këscht.*





| | |
|---|---|
| ewechleeën | benotzen |
| ophalen | liesen |
| ausmaachen | raumen |
| huelen | sech schminken |

# Kapitel 6 Säit 103, Übung 11

*Liest den Dialog. Zeechent de Wee vun der Weebeschreiwung an de Plang an.*


- Mir gi jo muer zesumme bei den Notaire. Wou genee ass eise Rendez-vous?
+ *Dat ass net esou einfach ze fannen. Komm, mir treffen eis beim Café „Am Park“.*
- A wéi kommen ech dohin? Fiert och e Bus dohin?
+ *Jo, mä du muss nach e Stéck zu Fouss goen. Huel de Bus Nummer 15 a klamm um Arrêt „Schwämm“ eraus. Géi da fir d'éischt riichtaus, dann déi zweet Strooss no lénks. Géi laanscht de Supermarché an da bei der rouder Luucht iwwert d'Strooss. Niewent der Pâtisserie ass eng kleng Strooss. Déi Strooss féiert bei e Park. Géi duerch de Park bis bei d'Spillplaz. Géi ronderëm d'Spillplaz. Um Eck, hannert dem Kiosk ass e klenge Café, de Café „Am Park“. Bleif virum Café stoen a waart op mech. Mir ginn dann zesummen an d'Gebai, dat ass direkt vis-à-vis vum Café.*




*Maacht méi eng einfach Weebeschreiwung, fir bei den Notaire ze kommen.*

# Kapitel 6 Säit 103, Übung 12

*Lauschtert d'Dialoger. Zeechent d'Weeër an.* ***130***




*Schreift den Dialog 3 färdeg.*

Dialog 3
+ Entschëllegt, wéi kommen ech vun hei op de Glacis?
- Gitt hei iwwert d'Strooss , ëmmer ..............................

..............................

..............................

..............................

..............................

# Kapitel 6 Säit 103, Übung 13

*Kuckt d'Wierder an der Këscht. Liest d'Weebeschreiwung a féllt den Text fäerdeg aus.*

| | | |
|---|---|---|
| duerch | virun | Tunnel |
| hannert | vis-à-vis vun | rouder Luucht |
| iwwert | Parkplaz | Säit |
| iwwert | Autobunn | Strooss |
| laanscht | Gaass | Zebrasträifen |

Fir bei de Paul ze kommen, musst Dir .................... eng Bréck, .................... e Park, .................... e puer Butteker an iwwert eng .................... goen.

Bei der .................... ....................musst Dir stoe bleiwen a waarden, bis se gréng gëtt. Da kënnt Dir .................... den .................... op déi aner .................... goen.

De Paul wunnt .................... .................... engem Theater. .................... sengem Haus huet hien eng .................... fir säin Auto an .................... dem Haus ass e klenge Gaart.

Hie wunnt net an enger normaler Strooss, mä an enger ganz klenger Strooss, also an enger ..................... Do ass et schéi roueg!

Hie wunnt awer och no bei der ..................... Dat ass praktesch. Hie muss just duerch en ....................fueren an dann ass hie schonn do.

# Kapitel 6 Säit 103, Übung 13

*Féllt mat de richtege Prepositiounen oder Adverben aus.*

Ee Mann ass .................... eng friem Stad komm. .................... der Gare huet hien e Passant gefrot, wou an der Stad e Coiffer ass. De Passant huet him geäntwert: „Hei gëtt et nëmmen 2 Coifferen. Fir bei deen éischten ze kommen, musst Dir hei .................... goen, .................... de Park, dann.................... eng Bréck, .................... e puer Haiser an dann déi zweet Strooss r..................... Do ass den éischte Coiffer. Fir bei deen zweete Coiffer ze kommen, musst Dir hei direkt .................... riets goen, dann .................... eng Bréck, .................... e Bäcker an e Supermarché an dann déi éischt Strooss l..................... Do ass deen zweete Coiffer.“

De Mann huet him Merci gesot an ass lass gaangen. Hien ass fir d’éischt .................... gaangen, .................... de Park, dann .................... eng Bréck, .................... e puer Haiser an dann déi zweet Strooss r..................... Do huet hien den éischte Coifferssalon gesinn. Mee dee war net immens schéin. D’Installatioune waren al, et huet net modern ausgesinn, do war och nëmmen de Coiffer an deen hat laang Hoer, déi net schéi coifféiert waren. De Mann huet geduecht: O nee, da ginn ech léiwer bei deen anere Coiffer.

Hien ass also zeréckgaangen, .................... d’Haiser,.................... d’Bréck, .................... de Park, bis hien erëm .................... der Gare war an ass vun do .................... riets gaangen, .................... eng aner Bréck, .................... e Bäcker an e Supermarché an dann déi éischt Strooss l..................... Do war deen zweete Coiffer. De Salon war schéin a modern, de Coiffermeeschter war och eleng, mee hien hat eng super Coiffure, d’Hoer schéi gekämmt a geschnidden.

Hm, huet de Mann geduecht, ech mengen, ech ginn awer léiwer bei deen anere Coiffer.
An hien huet sech erëm op de Wee fir bei den éischte Coiffer gemaach.

Eng kleng Hëllef:

*an* *duerch* *iwwert* *laanscht* *no* *op* *riichtaus*

**Wat mengt Dir? Firwat ass hien erëm bei den éischte Coiffer gaangen?**

# Kapitel 6 Säit 103, Übung 13

*Liest a completéiert d'Sätz. Benotzt dofir d'Prepositiounen an de richtegen Artikel aus der jeeweileger Këscht.*

| | | | | |
|---|---|---|---|---|
| an | op | bei | ënnert | iwwert |

| | | | | |
|---|---|---|---|---|
| dem | der | den | engem | enger |

an + dem = am
bei + dem = beim
op + dem = um

1. Ech sinn ....op.......... ......der........ Gare, fir den Zuch ze huelen.
2. Mir iessen haut den Owend .................... .................... gudde Restaurant.
3. Ech sinn zu Paräis .................... ....................Fréndin.
4. De Maart ass .................... Knuedler.
5. .................... .................... Plëss ginn et vill Terrassen.
6. Ech stinn .................... .................... Rouder Bréck.
7. D'Madamm Wagner schafft .................... ....................Crèche.
8. Den Teppech läit .................... .................... Dësch.
9. Ech kafen all Dag frëscht Brout .................... Bäcker.
10. .................... .................... Lavabo hänkt e Spigel.

# Kapitel 6 Säit 103, Übung 13

*Liest a completéiert d'Sätz. Benotzt dofir d'Prepositiounen an de richtegen Artikel aus der jeeweileger Këscht.*

| | | | | |
|---|---|---|---|---|
| an | op | bei | ënnert | iwwert |

| | | | |
|---|---|---|---|
| den | d' | en | eng |

1. Ech ginn .................... .................... Gare, fir den Zuch ze huelen.
2. Mir ginn haut .................... .................... gudde Restaurant iessen.
3. Mir fueren op Paräis .................... .................... Frëndin.
4. Ech gi samschdes moies ëmmer .................... .................... Knuedler .................... .................... Maart.
5. Ech ginn .................... .................... Plëss.................... ....................Terrass eppes drénken.
6. Ech fuere mam Tram .................... .................... Rout Bréck.
7. De Marc geet d'Kanner .................... .................... Crèche sichen.
8. Hie leet den Teppech .................... .................... Dësch.
9. Ech gi .................... .................... Bäcker, fir Brout ze kafen.
10. Ech hänken e Spigel .................... .................... Lavabo.

# Kapitel 6 Säit 103, Übung 13

*Liest a completéiert d'Sätz.*

1. Ech wunnen ………… ………… Appartement ………… ………… Gare.
2. Mäin Appartement ass ………… …………Residence ………… drëtte Stack.
3. Ech ginn ………… ………… Park an dann ………… ………… Bréck.
4. ………… ………… Bréck ass de Pafendall.
5. ………… ………… rouder Luucht ginn ech ………… ………… Zebrasträifen.
6. Ech gi muer de Mëtteg ………… ………… Coiffer.
7. Steet däin Auto ………… ………… Garage?
8. Ech hänke mäin neit Bild ………… ………… Bett.
9. De Park läit ………… ………… Boulevard de la Foire an ………… Boulevard Royal.
10. Am August gi mer ………… ………… Schueberfouer.

A2

Schwätzt Dir Lëtzebuergesch?

# Léisungen

## *Zousazmaterial*

## Kapitel 6

# Kapitel 6 Säit 92, Übung 4

*Liest d'Presentatioun vum jonke Mann an den Annoncen. Kräizt un.*

Ech si Student an ech sichen eng Wunneng an der Stad, well ech um Lampertsbierg op d'Uni ginn. Ech kommen aus enger grousser Famill a géing ganz gär mat anere Leit zesumme wunnen, fir datt ech net esou eleng sinn. Ech bréngen och mäin Hond mat, de Muffin. Mäi Budget ass net immens grouss, mä ech kann awer bis zu 700 Euro de Mount fir de Loyer ausginn. Ech weess, d'Wunnengssich ass net einfach, mä ech si voller Hoffnung, datt ech dat Richtegt fannen.

○ **Zëmmer zu Eech ze verlounen**

14m², klenge Balcon
Hausdéiere sinn net erlaabt
Loyer: 700€

○ ***Siche Matbewunner fir eng WG zu zwee.***

Grousst Zëmmer (18m²)
mat Bléck op eng Spillplaz

Dikrech

Loyer: 450€

(X) **Zëmmer an enger WG ze verlounen**

Bouneweg,
vis-à-vis vun der Schwämm

2. Stack, gemeinsam Kichen a gemeinsaamt Buedzëmmer

15m² Privatsphär

Loyer: 650€

# Kapitel 6 Säit 96, Übung 12

*Kuckt d'Biller a liest d'Verben an d'Prepositiounen an der Këscht. Schreift bei all Bild e Saz.*


| |
|---|
| stellen, stoen, setzen, sëtzen, leeën, leien, hänken<br>iwwert, op, an, tëschent, ënnert, un, niewent, virun |


1

Si hänkt e Bild un d'Mauer.

2

D'Bild hänkt tëschent zwee Regaler.

3

Hie leet d'Buch op den Dësch.

4

De Buedmantel hänkt un der Dier.

5


Den Hond sëtzt virun der Dier.


6

Si leet d'Kand an d'Bett.

7


Si setzt d'Kand op de Stull.


8

D'Zeitung läit niewent dem Kannapee um Buedem.

9

De Kuch steet um Dësch.

10

Hie stellt de Kuck op den Dësch.

11

D'Planz steet am Eck.

12

D'Strëmp läit ënnert dem Bett.

# Kapitel 6 Säit 96, Übung 12

*Liest d'Texter. D'Verbe vun der Positioun si falsch. Sträicht dës Verben duerch a schreift déi richteg Verben nieft den Text.*

| | |
|---|---|
| Ech huelen all Dag de Bus. Dat ass flott. Ech ~~leien~~ am léifsten | sëtzen |
| hannen an der Këscht, vun do aus gesinn ech de ganze Bus. | |
| Normalerweis sinn d'Sëtzplazen all besat a vill Leit ~~hänken~~ an | stinn |
| hale sech un. Ganz vir ~~steet~~ de Buschauffer. | sëtzt |
| Fir ze schlofe ~~stinn~~ ech am Bett. Moies ~~leien~~ ech um | leien sëtzen |
| Kaffisdësch, mäin Hond ~~hänkt~~ nieft mir um Buedem. | läit |
| Et huet geschellt. Ech gi kucken. Virun der Dier ~~läit~~ mäi | steet |
| Frënd. Säi Meedchen ass och do, hatt ~~steet~~ um Vëlo. | sëtzt |

*Liest d'Texter. D'Verbe vum Deplacement si falsch. Sträicht dës Verben duerch a schreift déi richteg Verben nieft den Text.*

| | |
|---|---|
| D'Diere vum Kino ginn op. D'Leit ginn eran a ~~leeë~~ sech op | setze |
| d'Still. Si ~~hänken~~ de Popcorn nieft sech a ~~setzen~~ hir Jacketten | stellen hänken/leeën |
| op de Stull. | |
| Mir klammen an den Zuch. Mir ~~stellen~~ eis op eis reservéiert | setzen |
| Plazen. Mir ~~hänken~~ eis Wallis an de Porte-bagage a ~~setzen~~ | leeën leeën |
| den Handy op d'Tablett virun eis. | |
| Am Restaurant ~~stellt~~ de Garçon eis Mäntel un d'Mantelbriet. | hänkt |
| Hie weist eis den Dësch a mir ~~leeën~~ eis. D'Serveuse ~~hänkt~~ | setzen stellt |
| den Aperitif op den Dësch a ~~setzt~~ e Bréitchen op den Teller. | leet |

# Kapitel 6 Säit 96, Übung 12

*Kuckt déi zwee Biller. Notéiert op d'mannst 5 Ënnerscheeder a vergläicht mat Ärem Noper.*





Bild 1:
En Handy läit um klengen Dësch.
E Mann sëtzt um Kannapee.
Eng Blummevas steet um groussen Dësch.
Eng Planz steet op der Kommoud.
De Mann liest eng Zeitung.
Um Buedem läit en Hond.
Un der Mauer hänkt e Spigel.
D'Fënster ass op.

Bild 2:
En Handy läit um groussen Dësch.
E Mann sëtzt an der Fotell.
Eng Blummevas steet um klengen Dësch.
Et steet keng Planz op der Kommoud.
De Mann liest e Buch.
Um Buedem läit eng Kaz.
Un der Mauer hänkt e Bild.
D'Fënster ass zou.

# Kapitel 6 Säit 101, Übung 6

*Formuléiert d'Uerdere fir d'DU-Form.*

*Beispill:*

Kommt an de Büro!

*Komm an de Büro!*

1. Sief mat Zäit um Rendez-vous!
2. Géi déi éischt Strooss riets!
3. Maach mol eng kleng Paus!
4. Gëff mir deng Adress an Telefonsnummer!
5. Verstéi mech net falsch!
6. Huel de Bus fir op d'Aarbecht!
7. Stéi net sou spéit op!
8. Waart op mech!

*Liest d'Sätz. Maacht direkt Uerdere wéi am Beispill (formell an informell).*

Beispill

De Proff seet, de Schüler soll méi pünktlech sinn.

*Sidd méi pünktlech! Sief méi pünktlech!*

De Proff seet:

1. Maach den Handy aus! Maacht den Handy aus!
2. Ënnerschreif d'Präsenzlëscht! Ënnerschreift d'Präsenzlëscht!
3. Maach ganz Sätz! Maacht ganz Sätz!
4. Beschreif e Bild! Beschreift e Bild!
5. Stell dem Noper Froen! Stellt dem Noper Froen!
6. Gëff mir deng Aufgaben! Gitt mir Är Aufgaben!
7. Stéi op a géi un d'Tafel! Stitt op a gitt un d'Tafel!
8. Verstéi endlech d'Reegelen! Verstitt endlech d'Reegelen!

# Kapitel 6 Säit 101, Übung 6

## *Variant 1*

*Kuckt d'Illustratioun. Liest d'Sätz. Wat fir en Uerder ass fir wien? Schreift d'Zuel an d'Bild.*

1. Leet d'Kaarten ewech!
2. Hal op mat iessen!
3. Maach den Handy aus!
4. Huel d'Féiss vum Dësch!
5. Benotz däi Computer, fir ze schaffen!
6. Lies de Rapport, net dat do!
7. Raum d'Classeuren!
8. Schmink dech doheem!



# Kapitel 6 Säit 101, Übung 6

## *Variant 2*

*Kuckt d'Illustratioun. Wat fir Uerdere kann de Chef den Employéë ginn? Benotzt d'Verben aus der Këscht.*





*Zum Beispill:*


1. Leet d'Kaarten ewech!
2. Hal op mat iessen!
3. Maach den Handy aus!
4. Huel d'Féiss vum Dësch!
5. Benotz däi Computer, fir ze schaffen!
6. Lies de Rapport, net dat do!
7. Raum d'Classeuren!
8. Schmink dech doheem!

# Kapitel 6 Säit 103, Übung 11

*Liest den Dialog. Zeechent de Wee vun der Weebeschreiwung an de Plang an.*



*Lauschtert d'Dialoger. Zeechent d'Weeër an.* **130**



# Kapitel 6 Säit 103, Übung 13

*Kuckt d'Wierder an der Këscht. Liest d'Weebeschreiwung a fëllt den Text fäerdeg aus.*

Fir bei de Paul ze kommen, musst Dir **iwwert** eng Bréck, **duerch** e Park, **laanscht** e puer Butteker an iwwert eng Strooss goen.
Bei der **rouder Luucht** musst Dir stoe bleiwen a waarden, bis se gréng gëtt. Da kënnt Dir **iwwert** den **Zebrasträifen** op déi aner **Säit** goen.

De Paul wunnt **vis-à-vis vun** engem Theater. **Viru** sengem Haus huet hien eng **Parkplaz** fir säin Auto an **hannert** dem Haus ass e klenge Gaart.

Hie wunnt net an enger normaler Strooss, mä an enger ganz klenger Strooss, also an enger **Gaass**. Do ass et schéi roueg!

Hie wunnt awer och no bei der **Autobunn**. Dat ass praktesch. Hie muss just duerch en **Tunnel** fueren, an dann ass hie schonn do.

# Kapitel 6 Säit 103, Übung 13

*Fëllt mat de richtege Prepositiounen oder Adverben aus.*

Ee Mann ass **an** eng friem Stad komm. **Op** der Gare huet hien e Passant gefrot, wou an der Stad e Coiffer ass. De Passant huet him geäntwert: „Hei gëtt et nëmmen 2 Coifferen. Fir bei deen éischten ze kommen, musst Dir hei **riichtaus** goen, **duerch** de Park, dann **iwwert** eng Bréck, **laanscht** e puer Haiser an dann déi zweet Strooss **riets**. Do ass den éischte Coiffer. Fir bei deen zweete Coiffer ze kommen, musst Dir hei direkt **no** riets goen, dann **iwwert** eng Bréck, **laanscht** e Bäcker an e Supermarché an dann déi éischt Strooss **lénks**. Do ass deen zweete Coiffer.“

De Mann huet him Merci gesot an ass lass gaangen. Hien ass fir d'éischt **riichtaus** gaangen, **duerch** de Park, dann **iwwert** eng Bréck, **laanscht** e puer Haiser an dann déi zweet Strooss **riets**. Do huet hien den éischte Coifferssalon gesinn. Mee dee war net immens schéin. D'Installatioune waren al, et huet net modern ausgesinn, do war och nëmmen de Coiffer an deen hat laang Hoer, déi net schéi coifféiert waren. De Mann huet geduecht: O nee, da ginn ech léiwer bei deen anere Coiffer.

Hien ass also zeréckgaangen, **laanscht** d'Haiser, **iwwert** d'Bréck, **duerch** de Park, bis hien erëm **op** der Gare war an ass vun do **no** riets gaangen, **iwwert** eng aner Bréck, **laanscht** e Bäcker an e Supermarché an dann déi éischt Strooss **lénks**. Do war deen zweete Coiffer. De Salon war schéin a modern, de Coiffermeeschter war och eleng, mee hien hat eng super Coiffure, d'Hoer schéi gekämmt a geschnidden.

Hm, huet de Mann geduecht, ech mengen, ech ginn awer léiwer bei deen anere Coiffer. An hien huet sech erëm op de Wee fir bei den éischte Coiffer gemaach.

**Firwat ass hien nees bei den éischte Coiffer gaangen?**

Ee Coiffer muss och selwer bei de Coiffer goen. Dofir geet deen éischte Coiffer bei deen zweete Coiffer an ëmgedréint. Den zweete Coiffer huet méi eng schéi Coiffure, mee hie krut déi vum éischte Coiffer gemaach.

# Kapitel 6 Säit 103, Übung 13

*Liest a completéiert d'Sätz. Benotzt dofir d'Prepositiounen an de richtegen Artikel aus der jeeweileger Këscht.*

1. Ech sinn **op der** Gare, fir den Zuch ze huelen.
2. Mir iessen haut den Owend **an engem** gudde Restaurant.
3. Ech sinn zu Paräis **bei enger** Frëndin.
4. De Maart ass **um** Knuedler.
5. **Op der** Plëss ginn et vill Terrassen.
6. Ech stinn **op der** Rouder Bréck.
7. D'Madamm Wagner schafft **an enger** Crèche.
8. Den Teppech läit **ënnert dem** Dësch.
9. Ech kafen all Dag frëscht Brout **beim** Bäcker.
10. **Iwwert dem** Lavabo hänkt e Spigel.

# Kapitel 6 Säit 103, Übung 13

*Liest a completéiert d'Sätz.*

1. Ech wunnen **an engem** Appartement **op der** Gare.
2. Mäin Appartement ass **an enger** Residence **um** drëtte Stack.
3. Ech ginn **duerch de** Park an dann **iwwert d'**Bréck.
4. Ënnert **der** Bréck ass de Pafendall.
5. **Bei der** rouder Luucht ginn ech **iwwert den** Zebrasträifen.
6. Ech gi muer de Mëtteg **bei de** Coiffer.
7. Steet däin Auto **an der** Garage?
8. Ech hänke mäin neit Bild **iwwert d'**Bett.
9. De Park läit **tëschent dem** Boulevard de la Foire an **dem** Boulevard Royal.
10. Am August gi mer **op d'**Schueberfouer.